Dem Här Pettinger seng Wourecht

Mat Staunen hun mir den Artikel am Lëtzebuerger Wort gelies. Do ass den Här Minister Bausch sech jo nawell séier eens gewiescht mam nächste Buergermeeschter vun der Stengeforter Gemeng. Hien huet keng Zäit verluer an direkt offensiv deklaréiert dass elo d'Containerduerf ka gebaut ginn. Well déi viregt Koalitioun huet jo net gewollt. Dass hien als Minister den Feeler gemaach huet, a keng Ëmweltetüde ugefrot huet, an domadder den Projet an d'Aus gefouert huet, seet hie kengem. Elo gesäit hien direkt mat sengem grénge Schäffen d'Méiglechkeet vir der Gemeng esou en Projet opzedrécken. Hien bleift vill Äntwerte schëlleg, der viregter Koalitioun, mee awer och der jëtzeger.

An den zukünftegen Buergermeeschter huet dozou soss näischt ze behaapten hien hätt keen Abléck an den Dossier gehat. Dëst ass eng fatzeg Ligen well hien souz mat sengen Parteikollegen an engem Aarbechtsgrupp vun CSV, DP an LSAP derbäi an do ass iwwert alles geschwat ginn. Do ass mat oppene Kaarten gespillt ginn. Et ass beileiwen net esou gewiescht, wéi hie behaapt huet. Wann hien sech Bedenkzäit wëllt eraus huelen, ass dat jo OK, da soll hien dat soen, mee net mat esou enger bëlleger Method vir ze behaapten déi aner si Schold an ech konnt net dofir.

Dat ass jämmerlech, wann een esou eppes behaapt. Wann een an engem Aarbechtsgrupp setzt, an net informéiert ass, ass dat engem seng eegen Schold.

Demokratesch Partei

Stengefort